Par Parc Our Saint-Nicolas

Summervakanz

Foto: Michael Tillmann

Parbréif Nr 5/2026

11. Juli – 13. September 2026

Matdeelungen

„Opgepasst!!!“

An der Zäit vun der Summervakanz gi manner Gottesdéngschter gefeiert. Kuckt wannechgelift opmierksam d’Gottesdéngschtuerdnung, fir dat Dir lech net fir näischt deplacéiert.

Eise Parbüro ass an der Summervakanz net ëmmer besat, rufft w.e.g. virdrunner un, éier Dir laanscht kommt, fir sécher ze sinn, dass een do ass.

Achtung! Ännerung vun der Familljemass

Ofschlossmass, Sonndes, den 12. Juli 2026

D‘Familljemass als Ofschloss vum Katecheesjoer 25/26 ass e Sonndeg, den 12. Juli 2026 um 10:30 Auer zu Housen !

Wéinst enger Manifestatioun den 11. Juli 2026 zu Baastenduerf hu mir eis Familljemass fir den Ofschloss vum Katecheesjoer missten op de Sonndeg, den 12. Juli 2026 an d’Kierch op Housen verleeën. All Kanner aus der Katechees an hir Eltere sinn häerzlech an dëse Gottesdéngscht invitéiert.

Mir soe verdéngschtvolle benevole Mataarbechter en häerzleche Merci a begréissen nei Mataarbechter an eise Kierchefabriken an an eisem CGP.

Mir soen dem **Här Jean-Paul Karier** vu Furen, dee während laange Jore President vun der Kierchefabrik vun Tandel war an dës och an eisem CGP vertrueden huet, e grousse Merci fir seng Déngschter. Hien huet och no der Kierch an deem ale Paschtoueschhaus do gekuckt. Wéinst sengem héijen Alter a Problemer mat der Gesondheet huet hien dat lescht Joer seng Mandater net méi verlängert. Mir wënschen him all Guddes a vill Courage.

Mir soen och deenen anere Membere vun der FE 15 vun Tandel, déi hirt Mandat net verlängert hunn, Merci fir hir Déngschter : den Häre **Jean Faltz** an **Aly Kaes** an der Madame **Jeannine Lies-Plein**.

Mir begréissen den Här **Pol Muller** vu Furen, a soen him Merci, datt hien bereet war, dem Här Karier seng Plaz an der Kierchefabrik vun Tandel an am CGP 06 ze iwwerhuelen an sech nach méi an der Par ze engagéieren.

Mir soen och dem Här **Fernand Zanter** en häerzleche Merci, deen 8 Joer laang Gestionnaire finacier vun eisem CGP 6 war an op dëser wichteger an net einfacher Plaz eng ganz gutt Aarbecht geleescht huet. Mir si frou, datt d'Madame **Bernadette Mollitor-Trausch** vu Grooljen aus der FE 13 vu Pëtschent bereet ass, seng Plaz do ze iwwerhuelen a seng Aarbecht virunzeféieren. Den Här Zanter bleift awer President vun der FE 13 vu Pëtschent.

Mir soen och do den Hären **Jean Kinn, Albert Schaul a Charel Zanter**, déi zeréckgetruede sinn, Merci fir hiren Asaz.

An der FE 12 vun Housen begréisse mir d'Madame **Geneviève Rossler** als neie Member.

A schliesslech soe mir och der Madame **Anita Eydt**, déi laang an der Veiner Kierchefabrik war, als Sekretärin an déi lescht Joeren als Trésorière, an déi d'FE 14 och e puer Joer am CGP vertrueden huet, e waarme Merci fir hir trei Déngschter. Mir si frou, dat den Här **Victor Gonçalvez** vum Scheierhaff bereet ass, de Poste vum Trésorier vun der FE 14 ze iwwerhuelen an datt hie gutt ageféiert gëtt.

Der Madame Eydt hir Plaz am CGP 6 huet d'Madame **Gaby Heger** iwwerholl an der Madame **Mia van de Berkmortel** vun Eesbech hir Plaz de **Fränk Reitz** vun Houschent. Hinnen all soe mir och Merci.

Weider Mercien:

Bei dëser Geleeënheet wëlle mir och dem Här **Erny May** a senger Schwëster, der Madame **Cécile May** Merci soe fir verschidden Déngschter an der Kierch zu Branebuerg, besonnech beim Inventaire a beim Opriichte vun der Krëppchen an och fir déi nei Kleeder fir d'Muttergottes.

Mir soen och de Madamen **Henriette Heger a Liette Kandels** Merci fir hir Koschterdéngschter an der Kierch zu Baastenduerf während ville Joeren.

Merci och de Madamen **Annette Lentz, Liette Kandels a Maryse Bourkel** fir d'Deko, de Lidder-Programm an d'Begleedung op der Guitare vun de Famillje-massen zu Baastenduerf an deene leschte Joeren.

Merci och der Madame **Maria Pineiro-Teixeirai** fir hir Koschterdéngschter an der Nikloskierch zu Veianen wärend ville Joren a mir si frou, dass de **Samuel Marques** a **seng Mamm Belmira Marques** des Aufgab iwwerhuelen.

A Merci der Madame **Mariette Eydt**, déi dofir gesuergt huet, dass ëmmer genuch Käerzen an der Bildchenskapell waren.

E besonneche Merci der Madame **Maryse Bourkel-Nosbusch**, déi vun Ufank un am Grupp vun eiser Parkatechees gehollef huet an déi 3 Parcouren zu Branebuerg gehalen huet. Mir si frou, datt si äis nach virun an de Familljemasse mat hirer Guitare hëlleft.

Hochzäiten:

Den **Orlando Miguel Da Silva Valente** an d'**Catarina Alexandra Ferreira Nunes** vu Housen bestueden sech de 9. August 2026 zu Rio de Moinhos an der Kierch S. Martinho a Portugal.

Den **Jeff Schroeder** an d'**Monia Lullingen** vu Konstem bestueden sech den 29. August 2026 um 15:00 Auer an der Kierch Saint-Maximin zu Konstem.

Firmung zu Veianen

Freideg, den 3. Juli 2026

E Freideg, den 3. Juli 2026 um 19:00 Auer huet de Kardinol Jean-Claude Hollerich 28 Jugendlechen an Erwuessenen tësche 16 a 28 Joer an der Trinitarierkierch zu Veianen d'Sakrament vun der Firmung gespent. D'Mass stoung ënnert dem Thema:

„Vous recevrez la force du Saint-Esprit et vous serez mes témoins."

Pontifikalmass zu Uewerschlënner

Sonndeg, den 12. Juli 2026

E Sonndeg den 12. Juli 2026 um 15 Auer ass an der Uewerschlënner (Oberschlinder) eng traditionnell Mass am Fräien mam Weihbëschof Leo Wagener zur Éier vun der helleger Kunigunde *(bäi oder an der Méchelskapell)* .

Festmass mat Kraiderseenung

op Maria Himmelfahrt zu Stolzebuerg

Wéi déi Jore virdru gëtt och dëst Joer de 15. August 2026 zu Stolzebuerg d'Krautwëschdag oder de Léiffrawëschdag gefeiert, deen eng Traditioun ginn ass. Wärend der Mass ginn déi gebonne Bündelen vu Kraider geseent an duerno verdeelt. Wéi gewinnt besteet de Krautwësch aus lokalen Zorte vu Kären,

kulinaresche Kraider a wëll Heelkraider, déi ganz oft als Onkraut bezeechent ginn.

Zënter e puer Joer suergt d'Chorale "Sängerfrënn vu Stolzebuerg" fir datt dëse schéine Brauch weidergefouert gëtt. Och dëst Joer gëtt den Erléis vun de Spende rëm benotzt fir d'Kierchen an der Gemeng Pëtschent ze erhalen.

Déi de 15. August 2026 net op d'Feier kënne kommen, hunn d'Méiglechkeet bis spéitstens Freides, de 7. August 2026 e Krautwësch beim Aloyse Lieners (Telefon 621 501 627) ze bestellen.

D'Chorale „Sängerfrënn vu Stolzebuerg“ seet Iech **MERCI**.

Apero vum Eesber Trupp

Sonndes, den 30. August 2026

No der Mass bei der Becherduerfkapell zu Uewereesbech ass Apero-Time, organiséiert vum Eesber Trupp.

Kontakt: parc-our@cathol.lu

Jeannot Gillen – *Dechen a Moderator*
Dechenshaus – Presbytère
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13 / 621 14 72 25
jeannot.gillen@cathol.lu
Diego De Lima – *Vicaire*
661 26 20 62
diego.delima@cathol.lu
Jürgen Kusch – *Diakon*
621 19 98 22
juergen.kusch@cathol.lu

Communauté Obra de Maria:
Carlos Unterrichter de Melo
– Padre
661262063
carlos.unterrichter@cathol.lu
Tarcio Araùjo Ramos – *Padre*
661617764
tarcio.araujo@cathol.lu
Kräizgaass 16 – L-9807 Hosingen
Homepage:
https://cathol.lu/parc-our

Parbüro Veianen –
Bureau paroissial à Vianden
Mandy Hofmann – *Parsekretärin*
45, Grand-Rue – L-9410 Vianden
83 41 13
parc-our@cathol.lu

Dënsdes / mardi : *09.00 / 12.00 Auer*
Mëttwoch / mercredi: *09.00 / 12.00 Auer*
16.00 / 18.00 Auer
Freides / vendredi: *09.00 / 12.00 Auer*
14.00 / 16.00 Auer

Gottesdéngschtuerdnung

15. Sonndeg am Joreskrees – A

1. Lies.: Jes 55, 10-11; 2.Lies. Röm 8, 18-23:; Ev.: Mt 13, 1-23

« Iech ass et ginn, d'Geheimnesser vum Himmelräich ze kennen, hinnen awer ass et net ginn… Glécklech är Aen, well se gesinn an är Oueren, well se héieren ! *(Mt 13,11.16)*

D'Geheimnisser vum Himmelräich erkennen ass eng Gnod, e Geschenk, dat den Herrgott äis mécht. Mir mussen äis dofir opmaachen. Mir kënnen se net duerch eist Nodenken an eis Intelligenz eleng fannen. Jo, glécklech si mir, wa mir dem Herrgott seng Presenz a säi Wierken an eisem Liewen erkennen, wa säi Wuert äis beréiert a verwandelt. Da si mir gudde Buedem, op deem dee Som, deen hien séit, kann opgoen a vill Fruucht bréngen. Loosse mir äis net vun de Suergen an de Problemer, deene mir op eisem Wee begéinen, oflenke an decouragéiere loossen. Vertraue mir dem Herrgott an der Kraaft an der Fruchtbarkeet vu sengem Wuert. Da ka säi Räich ënnert äis wuessen a sech ausbreeden.

Samschdeg, 11.07.2026		**Heiliger Benedikt von Nursia,** *Vater des abendländischen Mönchstums, Schutzpatron Europas (+ 547)*
Housen	18:30	Missa em Português
Wuelessen	19:00	Virowendmass
Sonndeg, 12.07.2026		
Furen	09:00	Mass fir d'Famill Schank-Genson, Mass fir d'Famillen Kayser-Mailliet, Kayser-Heintz et Heintz-Eiffes, Mass als Stg. fir d'Famill Winter-Kuffer
Mierschent	09:00	Mass op Meenung
Housen	10:30	**Familljemass** als Ofschloss vum Katecheesjoer
Veianen-TK	10:30	Houmass
Uewer-Schlënner	15:00	**Pontifikalmass** mam Weihbëschof Leo Wagener, Uschléissend gemittlecht Zesummensinn *(Kapell vum Hellege Méchel)*
Houschter-Déckt	15:30	**Daf** vum Théo Toutsch

Méindeg, 13.07.2026		**Heiliger Heinrich II.** *(+ 1024)* und **Kunigunde** *(+ 1033), Kaiserpaar*
Veianen-SA	10:15	Mass
Dënsdeg 14.07.2026		**Heiliger Kamillus von Lellis,** *Priester, Ordensgründer (+ 1614)*
Veianen-SB	10:45	Mass
Mëttwoch, 15.07.2026		**Heiliger Bonaventura,** *Bischof, Kirchenlehrer (+ 1274)*
Housen	10:00	Mass fir als 7. Joermass fir René Spaus a fir d'Famill Spaus-Reiff *(Kapell)*
Veianen	15:00	Bildchensmass vun de Fraen a Mammem vu Veianen, *duerno gemittlecht Zesummensinn mat Kaffi a Kuch (ACFL-Lokal)*
Donneschdeg 16.07.2026		**Gedenktag unserer lieben Frau auf dem Berge Karmel**
Longsdref	19:00	Mass fir Jean-Pierre Theis, Mass fir d'Verstuerwe vun de Familljen Theis-Kellen a Vaessen-Schnackers
Freideg, 17.07.2026		
Housen	19:00	Rousekranz *(Kapell)*

16. Sonndeg am Joreskrees – A

1. Lies.: Weish 12, 13.16-19; 2.Lies:: Röm 8, 26-27; Ev.: Mt 13, 24-43

« Loosst béides (de Weess an d'Onkraut) mateneen wuesse bis d'Rekolt ! » *(Mt 13,30)*

Den Här vum Stéck bremst seng Kniecht, déi d'Onkraut zesummerafe wëllen, fir datt si de Weess net an engems mat erausrappen. Et ass um Herrgott fir den Tri tëschent dem Weess an dem Onkraut ze maachen. Mir kënnen ze séier iwwert anerer uerteelen an äis an eisem Urteel ieren. Den Herrgott ass och gedëlleg a gëtt äis Zäit fir äis ze besseren. Loosse mir déi Zäit notzen fir d'Onkraut, datt et och an äis gëtt, ze bekämpfen, datt de Weess kann opgoen. Well a jiddwerengem vun äis gëtt et gutt Friichten an Onkraut. Den Herrgott hëlleft äis, déi schlecht Wierker ze vermeiden a Guddes ze maachen fir datt fir datt mir emol kënnen als Gerechter wéi d'Sonn a sengem Räich liichten.

Samschdeg, 18.07.2026		
Branebuerg	19:00	Virowendmass
Veianen-TK	19:00	Missa em Português
Sonndeg, 19.07.2026		
Stolzebuerg	09:00	Mass fir Helene a Jos Heinen-Kalbusch a fir Alice a Jean Zanter-Heinen
Houschent	09:15	Mass als Joermass fir Marcel a Anna Wagener-Richartz a Mass fir Clemi a Marie Kaes-Jans a fir Ady a Josette Odem-Konen
Housen	10:30	Mass
Veianen-TK	10:30	Houmass als 6. Wochemass fir José Lopes Martins
Méindeg, 20.07.2026		**Heiliger Apollinaris,** *Bischof von Ravenna, Märtyrer (um 200)* **Heiliger Margareta,** *Jungfrau, Märtyrin in Antiochien*
Veianen-SA	10:15	Mass
Holztem	10:45	Mass *(Foyer)*
Dënsdeg 21.07.2026		**Heiliger Laurentius von Brindisi,** *Ordensgründer, Kirchenlehrer (+ 1619)*
Veianen-SB	10:45	Mass fir Marie-Madeleine a Metty Weyrich
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Mëttwoch, 22.07.2026		**Heilige Maria Magdalena,** *erste Zeugin der Auferstehung*
Bëttel	19:00	Mass fir Felix Eischen
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Donneschdeg, 23.07.2026		**Heilige Birgitta von Schweden,** *Mutter, Ordensgründerin,* *Schutzpatronin Europas (+ 1347)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Freideg, 24.07.2026 **Heiliger Christophorus,** *Märtyrer (+ 250)*
Heiliger Scharbel Mahlûf,
Ordenspriester (+ 1898)

Housen 18:30 Messe en portugais et en français

17. Sonndeg am Joereskrees – A

1. Lies:; 1 Kön 3, 5.7-12 2.Lies: Röm 8, 28-30; Ev.: Mt 13, 44-52

« Jidder Schrëftgeléierten, deen e Jünger vum Himmelräich ginn ass, ass wéi en Haushär, deen aus sengem Schaz Neies an Ales eraushëlt. » *(Mt 13,52)*

Dem Herrgott säi Wuert a säi Räich sinn e Schaz an eng kostbar Pärel fir déi et sech lount, alles anzesetzen. Mir mussen an eisem Liewen ënnerscheeden tëschent deem, wat gutt a wichteg ass an deem, wat näischt daacht an äis drun hënnert, un eist Zil ze kommen. Den Herrgott soll äis hëllefen, dat Alt an eiser Traditioun ze schätzen an ze erhalen, awer äis och fir dat Neit opzemaachen, dat äis viru bréngt, wéi déi Schrëftgeléiert, déi Jünger vum Jesus gi sinn. Si hunn den Zesummenhang vum Herrgott sengem Wierken am alen an am neien Testament erkannt an de Géigesaz tëschent al an nei iwwerwonnen. Loosse mir de Wäert vun allen préifen, dat Gutt behalen an äis vum Béisen ewechhalen

Samschdeg, 25.07.2026 **Heiliger Jakobus,** *Apostel*

Baastenduerf 19:00 Virowendmass

Sonndeg, 26.07.2026

Housen 10:30 Mass

Veianen-TK 10:30 Houmass fir Herminio Carneiro

Méindeg, 27.07.2026

Veianen-SA 10:15 Mass

Dënsdeg 28.07.2026

Veianen-SB 10:45 Mass

Housen 18:30 Messe en français et en portugais

Mëttwoch, 29.07.2026 **Heiligen Martha, Maria und Lazarus von Betanien**

Housen 10:00 Mass fir René Spaus an fir d'Famill Spaus-Reiff *(Kapell)*

Housen 18:30 Messe en portugais et en français

Donneschdeg, 30.07.2026 **Heiliger Chrysologus,**
Bischof von Ravenna, Kirchenlehrer (+ 450)

Housen 18:30 Messe en portugais et en français

Freideg, 31.07.2026 **Heiliger Ignatius von Loyola,**
Ordensgründer (+ 1556)

Housen 18:30 Messe en portugais et en français

18. Sonndeg am Joereskrees – A

Kollekte: «Für die Kirchen im Heiligen Land».

1. Lies.: Jes 55, 1-3; 2.Lies: Röm 8, 35.37-39; Ev.: Mt 14, 13-21

« Si brauche net fortzegoen. Gitt dir hinnen z'iessen ! » *(Mt 14,16)*

De Jesus geet net op de Rot vu senge Jünger an, fir déi hongreg Leit fortzeschécken. Hien gëtt hinnen d'Gebot vun der Nächsteléift a verweist si op dat, wat si hunn, fir den Honger vun de Mënschen ze stëllen. Esou ginn si missionaresch Jünger, déi op d'Fëllt Herrgott sengem Räich hiweisen. De Jesus éiert eise klenge Bäitrag a schafft domat. Hien seent d'Brout a verweist esou op säin Doud um Kräiz. Dann deelt hien äis et aus a baut esou seng Kierch op. Duerch eis intim Gemeinschaft mat Christus an duerch d'Deelen an d'Iesse vum Liewensbrout gi mir, wéi seng Jünger zu sengen Zeien an zu Mataarbechter am Herrgott sengem Räich.

Samschdeg, 01.08.2026 **Heiliger Alfons Maria von Liguori,**
Ordensgründer, Bischof, Kirchenlehrer (+ 1787)

Konstem 18:00 Mass als 6. Wochemass
fir Liliane Marie Goergen

Sonndeg, 02.08.2026

Housen 10:30 Mass

Veianen-TK 10:30 Mass

Méindeg, 03.08.2026

Veianen-SA 10:15 Mass

Dënsdeg 04.08.2026 **Heiliger Johannes Maria Vianney,**
Pfarrer von Ars (+ 1859)

Veianen-SB 10:45 Mass

Housen 18:30 Messe en portugais et en français

Mëttwoch, 05.08.2026		**Weihetag der Basilika Santa Maria Maggiore in Rom**
Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Donneschdeg, 06.08.2026		**Verklärung des Herrn**
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Freideg, 07.08.2026		**Heiliger Xystus II.,** *Papst und Gefährten, Märtyrer (+ 258)* **Heiliger Kajetan,** *Priester, Ordensgründer (+ 1547*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Bildchensoktav zu Veianen vum 9. – 16. August 2026

„Maria, hëllef äis, Zeie vun der Baarmhäerzegkeet ze sinn“

19. Sonndeg am Joreskrees – A

1. Lies.: 1 Kön 19, 9a.11-13a; 2. Lies.: Röm 9, 1-5; Ev.: Mt 14, 22-33

« Kuraasch, ech sinn et, fäert net ! » *(Mt 14,27)*

De Jesus kënnt am Stuerm vun der feindlecher Welt, wou si hir Grenzen an hir Onmacht spieren, op seng Jünger zou a freet hirt Vertrauen. Hir Erfahrung léiert äis, datt mir äis mussen mat dem Géigewand ausereen setzen, fir äis selwer bessser kennenzeléieren an zu méi engem räifen a perséinleche Glawen ze kommen. Loosse mir eis Angscht iwwerwannen an op Christus zougoen, deen äis rifft. Wa mir hien am Bléck behalen, da gi mir an de Schwieregkeeten vun eisem Liewen an eiser Mission net ënner, ma mer kommen sécher un eist Zil.

Samschdeg, 08.08.2026		**Heiliger Dominikus,** *Priester, Ordensgründer (+ 1221)*
Baastenduerf	19:00	Mass fir Romain Lentz a Elteren
Wuelessen	19:00	Mass
Sonndeg, 09.08.2026		
Furen	09:00	Mass fir d'Famill Muller-Haag, Mass fir d'Famill Karier-Brücher-Peffer a fir Nic Karier a Marie Mossong

Mierschent	09:00	Mass fir Albert Lanners a fir d'Familljen Lanners-Zahnen a Petry-Schuster
Housen	10:30	Mass
Veianen	15:00	*RDV beim Fatima Sanctuaire am Bildchensbësch, Aféierung a Prëssioun*
	15:45	**Fräiliichtmass**, présidéiert vum Chanoine Claude Bache, Dechen vum Dekanat Osten, *Uschléissend ass eng kleng Rezeptioun mat Gedrénks*
Méindeg, 10.08.2026		**Heiliger Laurentius,** *Diakon, Märtyrer in Rom (+ 258)*
Veianen-SA	10:15	Bildchensmass mat Krankesalbung
Houschent	19:00	Pilgermass mam Paschtouer M. Wehles, gesonge vun der Chorale vun Houschent
Dënsdeg, 11.08.2026		**Seliger Schetzel,** *Einsiedler im Grünewald (+ 1138)* **Heilige Klara von Asisi,** *Jungfrau, Ordensgrënderin (+ 1253)*
Veianen-SB	10:30	Bildchensmass mat Krankesalbung
Holztem	10:45	Mass *(Foyer)*
Veianen-TK	19:00	Pilgermass mat Priedegt vum Diakon Jürgen Kusch, gesonge vun der Chorale vu Furen
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Mëttwoch, 12.08.2026		**Heilige Johanna Franziska von Chantal,** *Ordensgrënderin (+ 1641)*
Housen	19:00	Pilgermass mat der neier brasilianischer Communautéit a mat der Chorale vun Housen

Donneschdeg, 13.08.2026		**Heiliger Pontianus,** *Papst,* und **Heiliger Hippolyt,** *Priester, Märtyrer (+ 235)*
Laaschent	19:00	Pilgermass mam Kaploun Diego de Lima, gesonge vu de Chorale vu Bra/Ba/La
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Freideg, 14.08.2026		**Heilger Maximilian Maria Kolbe,** *Ordenspriester, Märtyrer (+ 1941)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Eesbech	19:00	Pilgermass mam Paschtouer Jeannot Gillen, gesonge vun de Choralen vu Eesbech a Wuelessen

Héichfest vun der Opnahm Mariens an den Himmel

1. Lies.: Offb 11.19a;12.1-6a.10ab; 2. Lies.: 1 Kor 15, 20-27a; Ev.: Lk 1,39-56

« De Mächtegen huet fir mech Grousses gedoen. Helleg ass säi Numm » *(Lk 1,49)*

D'Maria erkennt déi Wonner, déi den Härgott un hir gewierkt huet, un a lueft hien voll Freed dofir. Si bilt sech näischt drop an, mee bleift bescheiden. Si weist äis drop hin, datt mir alleguerten Deel huelen un deem, wat den Härgott un hir gewierkt huet. Mir sollen dofir dem Härgott seng Gnod erkennen an déi Gowen, déi mir kritt hunn, mat senger Hëllef entfalen. Esou kënne mir an der Hoffnung op dat éiwegt Liewen den Härgott mat Maria voll Freed an Dankbarkeet dofir luewen.

Samschdeg, 15.08.2026		**Mariä Aufnahme in den Himmel**
Stolzebuerg	10:30	Houmass mat seene vum Wësch, gesonge vu de Chorale vu Mierschent a Stolzebuerg
Housen	10:30	Mass mat seene vum Wësch

Am 15. August feiert die Kirche das Fest der Aufnahme Marias in den Himmel. Was Maria dabei erfahren hat, dürfen wir alle für uns erhoffen: In die Arme der Engel Gottes hinein zu sterben, dass sie uns tragen in das ewige Leben bei Gott.

20. Sonndeg am Joreskrees – A
Roukidag zu Veianen

1. Lies.: Jes 56, 1.6-7; 2. Lies.: Röm 11, 13-15.29-32; Ev. : Mt 15, 21-28

« Fra, däi Glawen ass grouss. Dat, wat s du wëlls, soll geschéien ! » *(Mt 15,28)*

De Jesus bewonnert d'Ausdauer, de Glawen an d'Deemut vun der kananäescher Fra, déi hien duerch seng ofweisend Haltung op eng uerg Prouf gestalt huet. Si vertraut op dem Herrgott säin Erbaarmen a seng Hëllef fir all Mënsch, och fir déi Friem. Dofir léisst si sech net ofwimmelen an découragéieren. De Jesus erfëllt schliesslech hire Wëllen an heelt hir Duechter. Loossen och mir op dem Herrgott sengem grenzenlos Guttheet vertrauen an hien mat Ausdauer an Deemut ëm säin Erbaarmen a seng Hëllef fir äis a fir eis Matmënschen a Krankheet a Nout froen. Loosse mir keen aus eiser Gemeinschaft ausschléissen an de Jesus iwwerall bekannt maachen. Loosse mir och iwwert dee staarke Glawen vun anere staunen, vun deene mir äis en net erwaart hätten, an äis vun hinnen usporne loossen.

Sonndeg, 16.08.2026

Houschter-Déckt	09:15	Mass zu Éier vum hellegen Donatus fir Mathias Koch a Marguerite Koch-Heirens a fir Emile Heirens, Mass fir Phillippe a Valerie Wagener-Schuller, Mass fir Josy Schroeder a fir d'Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer
Housen	10:30	Mass
Veianen-TK	10:30	Houmass, présidéiert vum Generalvikar Patrick Muller, gesonge vun der Chorale Trinitaire fir all Wohltäter vun der Bildchenskapell, Kollekt fir d'Restauratioun vun der Bildchenskapell Mass fir Marc Bingen a fir Irma a Mett Bingen-Lanners
Veianen	15:00	Roukipressioun vun der Jugendherberge bis bei d'Bildchen, an dann zeréck bei d'Fatima–grott, Schlusssegen, *duerno Rezeptioun*

Méindeg, 17.08.2026

Veianen-SA	10:15	Mass
Holztem	10:45	Mass

Dënsdeg, 18.08.2026

Veianen-SB	10:45	Mass

Mëttwoch, 19.08.2026 **Heiliger Johannes Eudes,**
Priester, Ordensgründer (+ 1680) (+ 1153)

Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Veianen-TK	14:30	Rousekranz a Mass fir de Kardinol, de Weibëschof an de Generalvikar

Donneschdeg, 20.08.2026 **Heilger Bernhard von Clairvaux,**
Abt, Kirchenlehrer (+ 1153)

Longsdref	19:00	Mass fir Jean-Pierre Theis

Freideg, 21.08.2026 **Heilger Pius X.,** *Papst (+ 1914)*

Housen	19:00	Rousekranz *(Kapell)*

21. Sonndeg am Joreskrees – A

1. Lies.: Jes 22, 19-23; 2. Lies.: Röm 11, 33-36; Ev.: Mt 16, 13-20

« An dir, fir wien haalt dir mech ? » *(Mt 16,15)*

De Jesus verlaangt vu jidderengem vun äis eng perséinlech Äntwert op déi wichteg Fro, wien hien fir äis ass. Dës Äntwert kann net vun deenen anere Leit kommen, déi sech net eens sinn, an de Jesus mat anere grousse Gestalten vun hirer Relioun vergläichen. Et geet och net duer, eng formelhaft Äntwert aus dem Katechismus ze ginn. Mir mussen mat eisem Liewen hannert dëser Äntwert stoen, déi äis engagéiert. Eise Papp am Himmel léisst äis an der ganzer Déift verstoen, wien de Jesus wierklech ass a vun him empfänke mir d'Missioun, am richtege Glawen u säi Jong seng Kierch opzebauen.

Samschdeg, 22.08.2026 **Maria Königin**

Baastenduerf	19:00	Mass fir Elsie Peffer

Sonndeg, 23.08.2026

Furen	09:00	Mass fir Marie-Josée Schank-Genson a fir Ralf Schmitz, Mass als Stg. fir Jengy a Lisy Muller-Haag

Mierschent	09:00	Mass op Meenung
Housen	10:30	Mass
Veianen-TK	10:30	Houmass

Méindeg, 24.08.2026		**Heiliger Bartholomäus,** *Apostel*
Veianen-SA	10:15	Mass
Dënsdeg, 25.08.2026		**Heiliger Ludwig IX.,** *König von Frankreich (+ 1270)* **Heiliger Josef von Calasanz,** *Ordensgründer (+ 1648)*
Veianen-SB	10:45	Mass fir Georges a Cathérine Clees-Schumacher
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Mëttwoch, 26.08.2026		
Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Bëttel	19:00	Mass fir Felix Eischen, Mass als Stg. fir d'Famill Bingen-Lanners
Donneschdeg, 27.08.2026		**Heilige Monika,** *Mutter des heiligen Augustinus (+ 387)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français
Freideg, 28.07.2026		**Heiliger Augustinuns,** *Bischof von Hippo, Kirchenlehrer (+ 430)*
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Redaktiounsschluss fir de nächste Parbréif:

21. August 2026 / parc-our@cathol.lu

Wann Dir Är Massen bestellt, passt wannechgelift op, datt déi nächst Parbréiwer wéi follegt publizéiert ginn. Villmols Merci!

Parbréif	***Period***	***Redaktiounsschluss***
Nr. 06/2026	12.09.2026-25.10.2026	21.08.2026
Nr. 07/2026	24.10.2026-29.11.2026	30.09.2026
Nr. 08/2026	28.11.2026-24.01.2026	04.11.2026

22. Sonndeg am Joereskrees – A

Kiermes zu Wëller

1. Lies.: Jer 20, 7-9; 2. Lies: Röm 12, 1-2; Ev.: Mt 16, 21-27

« Du dees mech gär falen, well s du net dat am Sënn hues, wat den Herrgott wëllt, ma dat, wat d'Mënsche wëllen. » *(Mt 16,23)*

Wann de Péitrus dem Jesus Virwërf mécht, well hien senge Jünger ukënnegt, dat hien leiden muss a verworf gëtt, da gebraucht hien, ouni et ze mierken, dem Däiwel seng Argumenter. Dofir weist de Jesus hien zurecht. Et fällt äis grad esou schwéier wéi dem Péitrus, dee schwéieren a schmäerzvolle Wee ze akzeptéieren, deen de Jesus gewielt huet, fir äis vum Béisen a vum Doud ze befreien. Et fällt äis nach méi schwéier, dem Jesus op deem Wee nozefollechen. Mee et gëtt keen anere Wee, deen zur Rettung féiert. Wa mir wëllen egoïstesch un eisem Liewe festhalen, da verléiere mir et. Wa mir äis an der Nofolleg vu Jesus fir déi aner asetzen an äis hirginn, da gewanne mir mat him d'Liewen a Fëllt iwwert dës Welt an Zäit eraus.

Samschdeg, 29.08.2026		**Jahrestag der Weihe der Kathedrale von Luxembourg**
Konstem	15:00	**Hochzäit** vun Jeff Schroeder a Monia Lullingen
Wëller	18:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Branebuerg	19:00	Virowendmass
Sonndeg, 30.08.2026		
Stolzebuerg	09:00	Mass
Houschent	09:15	Mass
Uewereesbech	10:00	Mass fir Nicole Arendt-Baus *(Becherduerfkapell)*
Housen	10:30	Mass
Veianen-TK	10:30	Mass
Méindeg, 31.08.2026		**Heiliger Paulinus,** *Bischof von Trier, Märtyrer (+ 358)*
Veianen-SA	10:15	Mass

Dënsdeg, 01.09.2026

Veianen-SB	10:45	Mass fir Marie-Madeleine a Metty Weyrich
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Mëttwoch, 02.09.2026

Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Veianen-TK	14:30	Rousekranz a Mass fir déi kriibskrank Mënschen an hir Familljen
Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Donneschdeg, 03.09.2026 **Heiliger Gregor der Große,**
Papst, Kirchenlehrer (+ 604)

Housen	18:30	Messe en portugais et en français

Freideg, 04.09.2026

Housen	18:30	Messe en portugais et en français

23. Sonndeg am Joreskrees – A

Kiermes zu Bëttel, Houschent an Houschent-Déckt

1. Lies Ez 33, 7-9:; 2. Lies: Röm 13, 8-10; Ev: Mt 18, 15-20

« Wann der zwéi vun iech sech op der Äerd eens sinn an iergendenger Saach, a wann si zesummen dorëm bieden, da kréien si se vu mengem Papp am Himmel. » *(Mt 18,19)*

D'Eenheet vu senge Jünger ass dem Jesus ganz wichteg. Hien wëllt, datt si sech zesummen dinn, fir hir Uleies virun den Herrgott ze bréngen. Da fanne si beim Papp am Himmel Gehéier. Loosse mir op d'Wierksamkeet vum gemeinsame Gebiet an der Kierch vertrauen an net midd ginn, ëm de Jesus zesummenzekommen an eis Fürbitten mat him virun den Herrgott ze bréngen.

Samschdeg, 05.09.2026 **Heilige Teresa von Kalkutta,**
Ordensgründerin (+ 1997)

Baastenduerf	19:00	Virowendmass

Sonndeg, 06.09.2026

Bëttel	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung* Mass fir d'Famill Rickal-Schaltz

Houschent	10:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung* mam Weibëschof Leo Wagener, Mass fir Phillippe a Valerie Wagener-Schuller, Mass fir Roby Burg a Marichen Burg-Godart, als 7. Joermass fir Kim Jedrysiak, als 8. Joermass fir Alphonse Hoffeld an als 4. Joermass fir Hélene Hoffeld-Streber, Mass fir Josy Schroeder a fir d'Thérèse a Nikela Schroeder-Dimmer, Mass als Stg. fir d'Famill Kremer, Lemmer a Wohltäter
Houschent-Déckt	11:30	*Griewerseenung*
Housen	10:30	Mass
Veianen-TK	10:30	Houmass fir Anne Arendt-Stooss

Méindeg, 07.09.2026

Veianen-SA	10:15	Mass

Dënsdeg, 08.09.2026 **Mariä Geburt**

Veianen-SB	10:45	Mass
Holztem	10:45	Mass *(Foyer)*
Housen	18:30	Messe en français et en portugais

Mëttwoch, 09.09.2026 **Heilger Petrus Claver,** *Priester (+ 1654)*

Housen	10:00	Mass *(Kapell)*
Housen	18:30	Messe en français et en portugais

Donneschdeg, 10.09.2026

Housen	18:30	Messe en français et en portugais

Freideg, 11.08.2026 **Heiligster Name Mariens (Mariä Namen)**

Housen	18:30	Messe en français et en portugais

Massbestellung op E-Mail: parc-our@cathol.lu

24. Sonndeg am Joreskrees – A

Kiermes zu Stolzebuerg

Kollekte: «Für die pastoralen Aufgaben der Erzdiözese».

1.Lies.: Sir 27, 30 - 28, 7 (27, 33 - 28, 9) 2. Lies.: Röm 14, 7-9; Ev.: Mt 18, 21-35

« Här, wéi dacks muss ech mengem Brudder verzeien,
wann hien géint mech sënnegt ?» *(Mt 18,21)*

D'Verzeiung spillt am Jesus senger Léier eng grouss Roll. Hien huet äis den Herrgott als ee baarmhäerzege Papp verkënnegt, deen ëmmer bereet ass, alles ze vezeien. De Péitrus mengt schonn generéis ze sinn, wann hie bereet ass, sengem Brudder, dee géint hie gesënnegt huet, bis zu siwemol ze verzeien. Fir de Jesus awer kennt d'Verzeie keng Grenzen. A fir hien kënnt et och drop un, deem anere vun Häerzen ze verzeien. Net nëmmen d'Zuel mee och d'Qualitéit vum Verzeie si wichteg. Loosse mir äis all um Jesus an u sengem Papp am Himmel e Beispill huelen an ëmmer nees alles vun ganzem Häerz verzeien an net nodroend sinn.

Samschdeg, 12.09.2026 **Heiligster Name Mariens (Mariä Namen)**

Branebuerg	19:00	Mass
Wuelessen	19:00	Mass fir d'Verstuerwe vun der Famill Dimmer-Foeteler

Sonndeg, 13.09.2026

Stolzebuerg	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Furen	09:00	Mass fir d'Famill Muller-Schank, Mass als Stg. fir Armand Schaltz
Housen	10:30	Mass als 1. Joermass fir Antoine Mathieu
Veianen-TK	10:30	Houmass als Konveniatsmass fir 50 Joer Veiner Jungsoldalen, celebréiert vum Kardinal Jean-Claude Hollerich

Kirmesmassen am September – Oktober – November

Samschdeg, 29.08.2026

Wëller	18:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*

Sonndeg, 06.09.2026

Bëttel	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Houschent	10:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Houschent-Déckt	11:30	Griewerseenung

Sonndeg, 13.09.2026

Stolzebuerg	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*

Sonndeg, 20.09.2026

Grooljen	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Biwels	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Wuelessen	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Näidsen	10:30	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Laaschent	10:30	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*

Sonndeg, 27.09.2026

Eesbech	09:00	Kiermesmass *mat Griewerseenung*

Sonndeg, 04.10.2026

Nuechtmannescht	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*
Furen	09:00	**Télèsmass** als **Kiermesmass,** *mat Griewerseenung*

Sonndeg, 25.10.2026

Pëtschent	09:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*

Samschdeg, 07.11.2026

Tandel	18:00	**Kiermesmass** *mat Griewerseenung*

Massbestellungen

1. D'Massintentiounen mussen **fir d'éischt** am Sekretariat zu Veianen telefonesch (*83 41 13*) oder schréftlech (per Mail un d'Adress *parc-our@cathol.lu* oder ausgefëlltem Formular) bestallt ginn.
2. **An dann eréischt** kënnt Dir d'Suen op den Kont vun der zoustänniger Kierchefabrik iwwerweisen.
   Gitt w.e.g. den **Numm**, den **Datum** an d'**Uertschaft** vun der gewënschten **Massintentioun** un.

Konten fir d'Iwwerweisungen vun de Massintentiounen

D'Suen fir d'Massintentiounen kënnen op den jeeweilege Kont vun der kommunaler Kierchefabrik iwwerwise ginn. Gitt w.e.g. den Numm un vun der Massintentioun an deen gewënschten Datum, deen mat dem Sekretariat ofgemaach ginn ass:

Fabrique d'église communale de Vianden/ CGP n°6/Fe n°14:
Titulaire: « KIERCHEFONG/VIANDEN »
Kont: CCPL IBAN LU54 1111 0330 8710 0000

Fabrique d'église communale de Parc Hosingen / CGP n°6/Fe n°12:
Titulaire: « KIERCHEFONG/PARC HOSINGEN »
Kont: BCEE IBAN LU21 0019 4600 0054 8000
fir Boukelz, Duerscht, Eesbech, Holztem, Housen, Houschent, Houschter-Déckt, Konstem, Näidsen, Roudersen a Wuelessen

Fabrique d'église communale de Pütscheid / CGP n°6/Fe n°13:
Titulaire: « KIERCHEFONG/Merscheid/Vianden »
Kont: BCEE IBAN LU08 0019 3000 0270 3000
fir Mierschent an Stolzebuerg

Fabrique d'église communale de Tandel / CGP n°6/Fe n°15:
Titulaire: « KIERCHEFONG »
Kont: CCRA IBAN LU63 0090 0000 0302 6432
fir Baastenduerf, Branebuerg a Furen.

An der ganzer Par gëllen déi nei Tarifer vun eiser Äerzdiözes:

- eng Wiertesmass: 20 €
- eng Sonndesmass: 30 €

Fir d'Begriefnisser an d'Hochzäiten kritt Dir eng demande d'offrande.

Kont vum CPG 06 vun der Par a fir Donen fir d'Parkatechees:
Titulaire: « KIERCHEFONG C.T. / PARC OUR »
Kont: BCEELULL IBAN LU71 0019 5055 3949 6000

Détailer vum Programm an der Bildchenswoch 2026

„Maria, hëllef äis, Zeie vun der Baarmhäerzegkeet ze sinn“

Ufankssonndag

Sonndeg, 09. August

Veianen
- 15:00 RDV beim Fatima-Denkmol – Aféierung an d'Thema
- 15:15 „Mir ginn der Muttergottes entgéint“ Kleng Prëssessioun mat de Leit, déi wëlle, bis bei den Herrgottsgäertchen
- 15:45 Arrivée vun de Fraen a Mammen mat der Muttergottes beim Herrgottsgäertchen – Prëssessioun zeréck bei d'Plaz virum Fatima-Denkmol
- 15:45 Fräiliichtmass, présidéiert vum Chanoine Claude Bache, Dechen vum Dekanat Osten
- 16:45 kleng Rezeptioun mat Gedrénks

Bildchenswoch

Méindeg, 10. August

Veianen
- 10:15 Mass mat Krankesalbung am Sanatorium

Houschent
- 19:00 Pilgermass mam Paschtouer Marco Wehles, gesonge vun der Chorale vun Houschent

Dënsdeg, 11. August

Veianen
- 10:30 Mass mat Krankesalbung am „Schlassbléck“
- 19:00 Pilgermass mat Priedegt vum Diakon Jürgen Kusch, gesonge vun der Chorale vu Furen

Mëttwoch, 12. August

Housen
- 19:00 Pilgermass mat der neier brasilianischer Commu-autéit, gesonge vun der Chorale vun Housen

Donneschdeg, 13. August

Laaschent
- 19:00 Pilgermass mam Kaploun Diego de Lima, gesonge vun de Choralen vu Branebuerg, Baastenduerf a Laaschent

Freideg, 14. August

Eesbech
- 19:00 Pilgermass mam Paschtouer Jeannot Gillen, gesonge vun de Choralen vun Eesbech a Wuelessen.

Samsdeg, 15. August – Maria Himmelfahrt

Stolzebuerg
- 10:30 Festmass mat Seene vum Wësch, gesonge vun de Choralen vu Mierschent a Stolzebuerg.

Roukidag

Sonndeg, 16. August

Veianen
- 10:30 Houmass, présidéiert vum Generalvikar Patrick Muller, gesonge vun der Chorale Trinitaire
- 14:50 Opstellung vun der Prëssessioun „Om Juck“ nierwend der Jugendherberg
- 15:00 Kleng Optaktprëssessioun (mat Musek) bis bei d' Kapell virun der Jugendherberg – Seegen
  Prëssessioun bis bei d' Fatima – Seegen
  Prëssessioun bis bei d' Bildchen – Fürbitten a Seegen
  Prëssessioun zeréck bei d' Fatima – Seegen an Ofschloss
- 16:45 Receptioun op der Plaz

vun 14h15 un : Busnavette (den 9. a 16. August 2026) vum Parking beim Gemengenatelier, hannert dem Serviour „Schlassbéck“, Larei, Schoul, Justizkräiz a „Schank“, Fatimagrott

Bildchenswoch 2026

vum 9. – 16. August 2026

Maria, hëllef äis,
Zeie vun der Baarmhäerzegkeet ze sinn.

Pilgermassen

09.08.Veianen
10.08. Houschent
11.08. Veianen
12.08. Housen
13.08. Laaschent
14.08. Eesbech
15.08. Stolzebuerg
16.08. Veianen

:

„ “, „ “,